adr-
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, souwéi den Här Ekonomie- a Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5941 schreift d'Regierung zu der Aféierung vun CO2-Zöller ënner anerem dat hei: "*Et ass wichteg, dass Betriber an der EU net benodeelegt sinn duerch déi méi ambitiéis Mesuren fir den Klimaschutz, an och Drëttstaten, an d'Betriber déi do produzéieren, sollen incitéiert ginn Mesuren ze huelen fir manner CO2 auszestoussen. De Conseil ass sech och bewosst dass Betriber an Entwécklungslänner sech wäerten méi schwéier dinn fir hir Produktiounen ëmzestellen. Dofir soll doriwwer nogeduecht ginn, wéi dëse Länner bei der Transitioun kann gehollef ginn*".

An deem Sënn géif ech der Regierung nach gär dës Froe stellen:

1) Wéi verdroen dës Moossname sech mam Territorialitéitsprinzip an der Netamëschung an d'Ugeleeënheete vu souveräne Staaten? Gesäit d'Regierung vir, sou Moossnamen nëmmen op Basis vun engem bilateralen Accord tëschent der EU an deene betraffenen Drëttstaaten ze ënnerstëtze fir d'Eskalatiounsspiral vun engem Handelskrich ze evitéieren ? Wéi wäit gëtt d'WTO an dëse Verhandlunge mat agebonnen?
2) Kann d'Regierung matdeelen, op Ënnerstëtzungsgelder déi an deem Kader ausbezuelt géifen, un eis Entwécklungshëllef ugerechent ginn? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten